LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 25 septembre 2019

Réf. N° QP-94/19

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
25 SEP. 2019

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°1138 du 30 août 2019 de l'honorable député Sven CLEMENT

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice,

Sam TANSON



13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg

Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61

Adresse postale:
L-2934 Luxembourg

info@mj.public.lu
www.gouvernement.lu

**Réponse de Madame Sam TANSON, Ministre de la Justice**
**à la question parlementaire n° 1138 du 30 août 2019 de l'honorable député**
**Sven CLEMENT**

1. Laut Artikel 2 vum Gesetz vum 13 Januar 2019 iwwert de Register vun den effektiven Beneficiaire (RBE) steet den RBE ënnert der Autoritéit vum Justizminister.

   Iwweregens gesäit den Artikel 5 vum Gesetz vum 13 Januar 2019 fir, dass de Gestionnaire vum RBE (de groupement d'intérêt économique Luxembourg Business Registers (LBR)) die folgend Aufgaben huet : "Le gestionnaire est chargé de l'inscription, de la sauvegarde, de la gestion administrative et de la mise à disposition des informations sur les bénéficiaires effectifs conformément aux dispositions de la présente loi."

   Virum Oflaf vum Délai vu 6 Méint deen am Artikel 27 vum Gesetz vum 13. Januar virgesinn ass, huet de Justizminister den LBR invitéiert een zousätzlechen administrativen Délai vu 3 Méint ze applizéieren während deem d 'Aschreiwung gratis bléift.

2. Dës Moossnam ass eng reng administratif Moossnam die sech op den Artikel 2 baséiert an die als eenzege Effekt huet, dass den LBR während dréi Méint d 'Inscriptiounen gratis entgéint huelt. Deemno ass kee Règlement grand-ducal geholl ginn an et ass net geplangt een ze huelen.

3. Et entsteet kee "manque à gagner" vu dass virgesinn war dass d 'Inscriptiounen all am Délai vu 6 Méint hätte misse gemat ginn, während deen d 'Inscriptioun souwisou gratis gewiescht wär.

4. De Communiqué vum LBR huet kloer annoncéiert dass et sech um een Délai administratif handelt während deem d 'Inscriptioun weider gratis bleift.

   An engem separate Bréif deen elo individuell vum LBR un all Entitéiten adresséiert gouf die hiren effektiven Beneficiaire nach net am RBE agedroen hunn, mécht ausserdeem den LBR opmierksam op d' pénal Sanktiounen die am Gesetz virgesinn sinn.

5. Et ass net geplangt d' Gesetz ex post ze änneren. Vu dass d' Applicatioun vu pénale Sanktiounen an den Hänn vun der Justiz leit kann d 'Regierung dës Applicatioun net "plangen".